1-2020-0-λ-6432-01 (n°3503)

Dépôt : **Jeff Engelen**

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2021
P2 7802

3

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest:

- datt zënter iwwert engem Joer eng Rei vu gravéierende Restriktiounen a verschidde verfassungsméisseg geschützte Grondrechter a Fräiheeten iwwert e reglementaresche oder legislative Wee am Kader vun der COVID-Kris imposéiert goufen, dorënner d'Versammlungsfräiheet, d'Handelsfräiheet, d'Beweegungsfräiheet an de Schutz vum Privatliewen;

- datt d'Begrënnung, d'Legitimitéit, d'Proportionalitéit an d'Effikassitéit vun de Moossnamen ëmstridde sinn.

ass iwwerzeegt:

- datt an engem demokratesche Rechtsstaat Restriktioune vu Grondrechter mussen eng absolut Ausnam sinn an dat esou Restriktiounen esou séier wéi méiglech nees mussen integral opgehuewe ginn;

- datt eng Weiderféierung vun deenen aktuelle Restriktiounen vun de Grondrechter, wann iwwerhaapt, sech all Dag manner justifiéiere léisst, ënner anerem och duerch d'Progrèsen an der Impfcampagne;

fuerdert d'Regierung op:

- spéitstens bei der nächster Ofännerung vum Covid-Gesetz an hirem Projet de Loi all Restriktioune vun de Grondrechter, besonnesch och d'Ausgangsspär an all Agrëffer an d'Privatliewen vun de Leit, opzehiewen.

Jeff Engelen

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**